

## Wielen, well ee Steiere bezilt? Nee!

D'Fanger ewech vum Walrecht!



... seet de Picky

Dir wëllt Autocollanten oder Spéngel mam „Nee“ bestellen: mëllt lech am Sekretariat op der Nummer 46 37 42

oder iwwert [info@adr.lu](mailto:info@adr.lu)  
[www.adr.lu](http://www.adr.lu)

Bis 1919 huet zu Lëtzebuerg nëmmen dee gewielt, deen eng Steier bezuelt huet. Déi Leit, déi eppes haten, wollten eleng decidéieren. Dunn huet Lëtzebuerg déi ondemokratesch finanziell Oplag ofgeschaaft, esouguer als eent vun den éischte Länner d'Fraewahlrecht agefouert a Schluss mat Diskriminéierungemaach. D'nationaalt Walrecht gouf un d'Nationalitéit geknäppt.

Dat ass richteg, well eis Deputéiert si verantwortlech fir d'Zukunft vum Land an der Natioun, fir eise Wu- elstand, jo fir eis Existenz als Land

a Natioun. Haut wëlle verschidde Leit dee Schrack zeréckgoen. Een Argument fir d'Ausländerwalrecht seet, wien hei Steiere bezilt, soll och d'Chamber wielen. Wat ass mat Leit, déi hei keng Steiere bezuelen? Mammen, déi eleng erzéien? Leit, déi net genuch verdéngen, fir Steieren ze bezuelen? Lëtzebuerger, déi am Ausland Steiere bezuelen? Frontalieren, déi hei am Land Steiere bezuelen, awer net wielen d'Chamber? Leit, déi hei am Land Quellesteier op hirem Verméige bezuelen oder just Aksisesteier op Bensin an Tubak?

## Demokratiedefizit? Nee!

Ass Lëtzebuerg eng Diktatur? Vum Staatsminister gëtt d'Land mat arabeschen Onrechtsregimer verglach, well d'Ausländer net fir d'Chamber kënnen wielen. Tatsaach ass, datt bal iwwerall op der Welt dat Recht fir bei nationale Wale matzestëmme just déi Leit mat der Nationalitéit vum Land, an dem gewielt gëtt, hunn. Ausser a rare Länner mat kolonialem Hannergrond.

D'Walpflicht zu Lëtzebuerg garantéiert d'Legitimitéit vun de gewielte Politiker. D'Walbedeelegung ass hei méi héich, wéi a Län-

ner, wou bal d'Halschent vun de Leit net wile geet, well se keng Loscht hunn.

All Ausländer deen hei zu Lëtzebuerg wunnt, dierf bei de Sozial- a Gemengewale wielen a sech wile loossen. Hie ka souguer Buergermeeschter oder Schäfte ginn, eng weltwäit Raritéit!

Hien dierf, wann en EU-Europäer ass, bei Europawale matwielen. An hie kann no 7 Joer am Land Lëtzebuerger ginn, ouni seng éischt Nationalitéit opzeginn, a kritt domat och all politesch Rechter.

Fir esou Froen aus dem Wee ze goen, ass d'nationaalt Walrecht quasi an alle Länner vun der Welt un d'Nationalitéit geknäppt. All Land an all Natioun huet d'Recht, iwwer seng Zukunft eleng ze bestëmmen. Dat ass eng grouss demokratesch Errongenschaft, déi esouguer d'EU zu Bréissel net a Fro stellt, obwuel se ëmmer méi an de Länner wëll matdecidéieren. Net all Land mécht et Ausländer esou einfach, d'Nationalitéit ze kréien, wéi Lëtzebuerg. Et ass ee Lëtzebuerger oder net. Do gëtt et keng Diskriminéierung.

All Ausländer huet och e Wahlrecht fir säin eegent nationaalt Parlament. Mir sinn also net an enger Situatioun, wou en Deel vun der Bevëlkerung kee Wahlrecht hätt – anescht wéi 1919, wou d'Fraen alleguer awer och all déi Männer, déi keng Steiere bezuelt hunn, iwwerhaupt kee Wahlrecht haten.

D'Regierung wëll den Ausländer hei am Land e Matsproocherecht ginn, ouni datt si och nëmmen ee Wuert Lëtzebuergesch kënnen! Wéi eng Konsequenzen huet dat fir eist Land a seng Sprooch?



Pipino dit Pino DiDomenico

Cafetier

Gebiertegen Italiener

„Ech hunn d'lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl, well den administrativen Opwand bei den Autoritéiten hei am Land manner grouss war ewéi bei den Italianeschen. Ech war esou houfreg, ewéi ech 1995 d'Identitéit krut, datt ech mäi Gléck perfekt gemaach hunn, a kuerz drop meng Frëndin bestuet hunn. Am selwechte Joer hunn ech och ugefaang, mech an der Politik z'engagéieren.“

**D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.**

**29. Mee - Klengbetten**  
Restaurant „de Bräiläffel“  
12, rue de la Gare

**1. Juni - Schwéidsbeng**  
Augustinushaus  
Route du Vin

**2. Juni - Harel**  
Café „Beim Jeanne“  
31, rue Mgr. Fallize

**3. Juni - Diddeleng**  
Taverne Mont-Saint-Jean  
1, place Gymnich

**4. Juni - Conter**  
Conterstuff  
2, rue de la Mairie